

NATIONAFEIERDAG 2020

*Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot,
Léif Beamten an Aarbechter vun der Gemeng,
Léif Vertrieder vun de Veräiner, Geschäftsleit a Memberen aus eise Kommissiounen,
Léif Membere vum CGDIS a vun der Police,
Här Paschtouer,
Léif BiergierInnen*

Haut ass Nationalfeierdag an dat an engem Joer wou alles anescht ass wéi soss!

Nationalfeierdag war bis elo deem Dag vum Joer, op deem mir eis alleguer hei am Land versammelt hunn an zesumme gefeiert hunn. Abee, de Corona-Virus huet dofir gesuergt, dass dat dëst Joer anescht ass. Och wa mir aktuell an enger Phase vum Deconfinement sinn, an dat Beienaner wat mir gewinnt waren, nees lues a lues uleeft, sou dierfe mir net vergiessen, datt de Covid-19-Virus nach ëmmer ënnerwee ass – och haut op Nationalfeierdag.

Dat ass och de Grond, firwat eis Gemeng dëst Joer keng ëffentlech Feier organiséiert.

Op Nationalfeierdag feiere mir den Zesammenhalt vun all de Leit, déi hei am Land liewen, egal vu wou se hierkommen a wéi laang se schon hei sinn, also all dat, wat Lëtzebuerg nach ëmmer uitgemaach huet.

Dem Corona-Virus sinn d'Origine vun engem Mënsch och egal. A wann et nach ee Beweis gebraucht huet, fir eis ze weisen, wéi wichteg d'Zesummeschaffen an Europa an an der Groussregioun ass, dann hu mir dat déi lescht Méint gesinn. Ouni déi dausende Frontaliere wier eis national Gesondheetsversuergung nämlech zesummegebrach, hätte mir d'Kris net esou gutt iwwerstanen, wiere sécherlech vill méi Leit um Covid-19 gestuerwen. Mir sinn deene Leit dofir dankbar, well si hätten net mussen Dag fir Dag op hir Aarbecht kommen oder an engem Hotel logéieren.

Dat gëllt natierlech och fir ganz vill Leit, Associatiounen a Servicer bei eis an der Gemeng. En immense Merci a meng gréissten Unerkennung ginn un d'Scouten, d'Jugendwave, privat Leit, Noperen a Frënn, déi besonnesch fir vulnerabel Leit do ware während dem LockDown an och nach duerno. Akeef maachen, Déieren ausféieren, an d'Apdikt goen, Bitze vu Masken a villes méi, och Ënnerhaltung an Opmonterung vun isoléierten an eelere Matbierger wéi et vun der Musek gemaach gouf, hunn eng grouss Solidaritéit ënner eis gewisen. Merci soen well ech awer och eisem Personal aus der Schoul an der Maison Relais, dem Personal aus de

Gemengeservicer déi ganz vill Zäit mat Organisatioun, Ëmsetzung a Kontroll vun Uweisungen a Recommandatiounen vun eise Ministère verbruecht hunn.

Wa Lëtzebuerg d'Covid-19-Pandemie bis elo esou gutt gepackt huet, dann ass dat awer och de Verdéngscht vun all eenzele vun eis hei am Land. D'Bierger hu vun Ufank u verstanen, wéi wichteg d'Reegele vum Confinement waren a si hu sech gutt dorunner gehalten. Dat weist wéi responsabel a wéi disziplinéiert d'Leit sech beholl hunn. E puer Onbeléierbarer ginn et iwwerall. Si solle sech bewusst sinn dass sie e grouse Risiko fir sech selwer a virun allem fir anerer sinn.

Ech wëll an deem Zesammenhang och d'Regierung fir hir Aarbecht an de leschte Méint luewen. Si huet vun Ufank u gemierkt wéi grave d'Situatioun wier an huet Decisiounen geholl, déi net ëmmer einfach waren, weder fir si, nach fir d'Bierger. D'Gesondheet an d'Sécherheet vun de Mënsche war, an ass d'Prioritéit. A wann een déi international Statistiken haut kuckt, da kann ee soen: Mission accomplie!

Mir sinn elo um Wee vum Deconfinement. Op nationalem Niveau huet d'Regierung vun Ufank u grouss Mëttel declenchéiert, fir de Leit an der Wirtschaft ënnert d'Ärem ze gräifen. Et stoung kolossal Zommen a Milliardenhéicht prett, fir de Rutsch an eng déifgräifend ekonomesch Kris ze verhënneren. Et solle keng Investitiounen gestrach ginn. Dat wier um falschen Enn gespuert an d'Auswierkungen vun enger Austeritéitspolitik géing de Staat um Enn vill méi deier kaschten.

Mir als Gemenge sollen och esou handeln, wëssen awer haut nach net genee wéivill méi kleng eis Recette aus dem Staatsbeidel fir 2020 an déi Joren duerno wäert sinn. De Schaffen- a Gemengerot vu Réimech a senger Responsabilitéit huet de Geschäftsleit vun hei d'Loyerskäschte vu Raimlechkeete während der Phase wou se net funktionéiere konnten erlooss an huet och d'Terrassentaxe fir 2020 ausgesat. Mir hëllef wou mir kennen, stellen eis awer op nächst Méint a Joren an déi net einfach wäerte sinn, a wou d'national Solidaritéit vill wäert gefrot sinn.

Während d'Corona-Kris zu Lëtzebuerg fir e Plus u Solidaritéit an e Plus u Matenee gesuergt huet, si mir vun eisen Nopeschlänner iwwerrascht ginn, wéi déi stënterlech hir Grenzen zougemaach hunn. Eesäiteg an onverständlech. Dat hätt kënne mat e bësse gudde Wëllen a Koordinatioun anescht gemaach ginn. Och wann eis Regierung fir verschidden Ausnamereegelungen suerge konnt, hunn déi Moossname gewisen, dass mir an Zukunft net manner, ma éischer méi Europa brauchen. Fir dass mir net nach eng Kéier vun haut op muer an d'Zäit vu viru „Schengen“ versat ginn.

Wann ech scho bei Europa sinn, da wëll ech awer och ënnersträichen, datt mir elo zanter dem Enn vum Zweete Weltkrich a Fridde liewen. De 6. Juni viru 76 Joer sinn d'Alliéiert Kräfte –

ënnert hinnen de Grand-Duc Jean – op de Plagë vun der Normandie gelant an hunn esou den Ufank vum Enn vum Nazi-Regime declenchéiert.

A bei all Kritik un der EU, sollte mir Lëtzebuurger eis bewusst sinn, datt mir et ouni déi Staatgemeinschaft ganz, ganz schwéier hätten, fir eis op internationalem Niveau ze behaapten a fir eise Liewens-Standard ze halen.

Haut op „Groussherzoginsgebuertsdag“ – wéi fréier gesot ginn ass – feiere mir eist Land, eis Heemecht, eist Lëtzebuerg. Ma och eise Grand-Duc Henri an déi ganz groussherzoglech Famill. Deen Haff, deem den 10. Mee – matten an der Corona-Kris – d’Gebuert vum eisem nächsten Ierfgroussherzog annoncéiert huet: dem Pränz Charles „Charel“, dem éischte Kand vun eiser Ierfgroussherzoglecher Koppel. Ech wëll hinnen dofir bei dëser Geleeënheet nach eng Kéier felicitéieren.

Nationalfeierdag ass den Dag vun all de Leit, déi hei wunnen, schaffen a liewen, déi sech mat Lëtzebuerg identifzéieren, déi dat Land an hirem Häerz droen, egal wou se op der Welt dru sinn.

E Land, dat duerch säi Staatschef, de Grand-Duc Henri a seng Famill vertruede gëtt. Ech wëll eisem Groussherzog dofir eise Respekt an eis éierlech Wësch aussprechen.

Ech wënschen iech alleguer e schéinen Nationalfeierdag. An der Hoffnung, datt mir deem Dag dat anert Joer erëm a gewinnter Manéier zesumme féiere kënnen. Esou wéi et sech fir dee schéinsten Dag vum Joer gehéiert!

Vive de Grand-Duc!

Vive eis groussherzoglech Famill!

Vive Lëtzebuerg!

